ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N°3953

REÇU
Par Christine Wirtgen , 16:51, 25/03/2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

D'Educateuren an de Crèche fir Kanner bis dräi Joer kommen an hirem Beruffsalldag reegelméisseg an intensive Kierperkontakt mat de Kanner. D'Anhale vun enger Sécherheetsdistanz ass hei onméiglech.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Gesondheetsminister an un d'Madamm Familljeminister :

1) Kéinten si sech virstellen, d'Educateuren an de genannte Betreiungsinstitutiounen prioritär ze impfen? Wann net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 3953 du 25 mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la "Vaccination des éducateurs".**

Den Gesondheetsministère an den Bildungsministère verweisen op d'Äntwert op d'Question parlementaire n° 3659 déi sech och op d'Educateuren aus den Crèchen applizéiert.